



Lëtzebuenger Club Roude Léiw

## **Eise «Club-Jubiläum 16 Joer» gëtt gefeiert zou Brunnen am Kanton Schwyz**

Mat Freed invitéiert de Lëtzebuenger Club Roude Léiw lech den

**17.Oktober 2021**

un de schéine Vierwaldstätterséi



**Treffpunkt** vun 11:00 h un am Seehotel Waldstätterhof, Waldstätterquai 6, Brunnen

**Wat lech erwaart** 11:30 h Apéritif: Op der schéiner Hotelsterrasse direkt beim Séi

12:30 h Mëttegiessen am Seehotel Waldstätterhof

Pueren Zauber mam André Mergenthaler a sengem Cello!



Mat brillanter Virtuositéit awer och e bësselche verréckt, bespillt den **André Mergenthaler** säin Cello a geet dobäi wäit iwwer déi bekannte Grenzen eraus: e pëtzt, klappt an elektriséiert säin Instrument, fir et gläichzäiteg erëm ze heemelen, et ze schwéngen a vibréieren ze loossen. Him nozelauschteren heescht, an de faszinéierenden Universum vun deem virtuosen Celliste anzedauchen a sech vum Pop bis zur Klassik verzaubern ze loossen.

Mat dësem Concert trëtt den André Mergenthaler exklusiv fir de Lëtzebuerger Club Roude Léiw op. Dir däreft lech op een eenzegaartegt Erliewnëss freeën!

Direkt um Vierwaldstätterséi läit den **Seehotel Waldstätterhof**, een éirewierdegt Haus, dat scho vill Berühmtheete gesinn huet. Den Hotel bestécht net nëmmen duerch seng wonnerbar Lag an eng exzellent Kichen, et ass och eng gutt Geleeënheet, sech e Weekend op där schéiner Plaz ze gënnen!

### **Mir proposéieren lech ee Fëschmenu.**

Selbstverständlech kritt Dir och ee Fleisch -oder Vegi Menu. An deem Fall kontaktéiert w.e.g. eis Keessjee ënnert: [michele.kuelling@sunrise.ch](mailto:michele.kuelling@sunrise.ch) oder per Telefon 078 741 47 51

<b>Jubiläumspräis fir Memberen:</b>	Erwuessener vu 16 Joer un	CHF 50.-
	Kanner bis 16 Joer	CHF 25.-
	Gäscht	CHF 85.-

**Am Präis abegraff sinn:** Den Apéritif, d'lessen a Gedrénks, de Kaffi a Friandises. Mat Ärer **Iwwerweisung bis den 7.10.2021** sidd Dir definitiv ugemellt.

### **Wéi Dir dohinner kommt:**

**Mat ÖV** Vun der Gare gitt Dir knapp 10 Minutten d'Haaptstrooss zu Fouss riicht aus bei de Séi.

**Mam Auto** Direkt beim Seehotel Waldstätterhof si Parkplazen.

Selbstverständlech hale mir eis un d'Sécherheetsvirschrëften déi am Hotel gëllen.

**Laang hu mer missen drop waarden, mir freeën eis op ee schéinen Dag mat lech!**

**Fir Är Agenda:** Notéiert lech w.e.g. haut schon den Datum vum **10.4.2022** zu Zürich